



Seul le discours prononcé fait foi

Fête nationale 2019
Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg
Discours de S.A.R. le Grand-Duc

Här Chamberpresident,

Här Staatsminister,

Exzellenzen,

Léif Leit alleguer,

Et ass vläicht net an eise Gewunnechten an et läit normalerweis och net a menger Natur, meng perséinlech Reflexiounen oder Gefiller ëffentlech unzeschwätzen.

Virun e puer Wochen hunn ech awer drop gehalen, mat lech eis déif Emotioun ze deelen, wéi mir deen hu misse goe loossen, dee fir eis all de *pater familias* war.

Natierlech vergiessen ech net, datt de Grand-Duc Jean un éischer Stell e *Personnage public* war, dee seng Aufgab als Staatschef allzäit mat engem héije Pflichtgefill a grousssem Engagement fir eist Land a seng Landsleit erfëllt huet.

Haut um Nationalfeierdag läit et mir um Häerz, lech mäi Gefill vu grousser Dankbarkeet auszedrécken.

Ech denken un all déi, déi matgeholfen hunn, datt d'Begriefnesfeier zu engem groussen Moment vu Verbonnenheet an engem wüerdigen Hommage un de Grand-Duc Jean ginn ass:

- déi héichrangeg auslännesch Gäscht, déi duerch hir Präsenz an hiren Temoignage gewisen hunn, datt eise Papp e Mënsch a Staatschef war, dee wäit iwwer eis Grenzen, an esouguer iwwer eise Kontinent eraus, respektéiert gouf.
- déi dausende Leit, Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger, déi dem Grand-Duc Jean déi lescht Eier erweisen hunn am Palais an och an der Krypta.
- déi Vill, an och hei sinn et der nees Dausenden, déi eis hiert Bäileed an hir Sympathië geschriwwen hunn, an eis Courage gewënscht hunn; et sinn der esou vill, datt mir bal net nokomme mat äntweren.

- U jiddereen an de Ministèren, den Administratiounen an de Servicer vun der Gemeng, déi eis gehollef hu bei der Organisatioun, fir datt et e würedigen A-Dieu géif ginn, fir dee Mann, dee Joerzénge am Déngscht vun eiser Heemecht stoung.

Si all hunn dozou bäigedroen, datt eist Land sech vu senger beschter Säit gewisen huet.

Iech alleguer wëll ech soen, an dat zesumme mat der Grande-Duchesse, menge Geschwëster an eiser ganzer Famill, wéi gutt Är Präsenz an Ënnerstëtzung eis an deenen Deeg gedoen huet.

Ech perséinlech wäert dës Zäit ni vergiessen. Ech hu gespuert datt een an der Trauer, wann ee se deele kann, och Rou fënnt a sech op dat Wesentlecht vum Liewe konzentréiere kann.

An ech mengen, datt et net iwwerdriwwen ass, an den intensive Momenter, déi mir an deenen Deeg erlieft hunn, och e staarkt Symbol vum Zesummestoen vun eiser Natioun ze gesinn.

Léif Matbierger,

Grad esou wéi de Fridden, d'Demokratie, de Respekt vu Fräiheeten a Rechter, ass och d'Eenegheet vun enger Natioun eppes, wou ee permanent muss dru schaffen.

De Forum „Stand, Speak, Rise Up“, initiéiert vun der Grande-Duchesse, huet eis gewisen

- wéi Rechter mat Féiss getrëppelt ginn;
- wéi Fraen a Krichsregiounen uechter d'ganz Welt mëssbraucht ginn an datt sech onbedéngt dogéint muss mobiliséiert ginn.

Wa mir ronderëm eis kucken, ginn et awer och Grënn fir kënne frou ze sinn.

Wat e Kontrast tëscht der Liewensqualitéit vun honnerte Milliounen Europäer, an de Biller vu Ruinen a Verwüstung, déi eis elo bei de Commemoratiounsfeiere vum Debarquement an der Normandie nees eng Kéier gewise goufen!

Mee bei allem Fortschrëtt an eiser moderner Zäit, wëll ech awer op méi e beonrouegende Phenomen ze schwätze kommen, well en de Keim vun der Spaltung a sech dréit: ech schwätze vum Opkomme vum Ressentiment, dem Gefill vun Ongerechtegheet an der ëffentlecher Diskussioun.

Déi lescht Méint hunn eis sëlliche Beispiller an dëser Hisiicht gewisen. Si sinn ëmsou méi ausdröcksvoll, well se aus Länner kommen, déi eis no stinn a mat deene mir eis verbonne spieren.

- Fraen a Männer an der Politik, déi sech beleidegen aplaz iwwer Iddien a Projeten ze debattéieren.
- Bierger, deenen hir Aggressivitéit explodéiert oder déi géint eis demokratesch Uerdnung revoltéieren.
- Sozial Netzwierker wou ëmmer nees Exzesser ze liese sinn a wou ëmmer manner Mäassegung ze fannen ass.

An deem Kontext kéint een d'Bild gebrauche vu Maueren, déi net ophalen, méi grouss a méi héich ze ginn an doduerch d'Leit quasi dozou zwéngen ze jäizen, fir gehéiert ze ginn.

De Ressentiment an d'Verbatterung a ville vun eisen demokratesche Gesellschaften ass ouni Zweifel keng schéin Tatsaach. D'Gefill vun Ongerechtegkeet oder Zréckstufung, ob et elo an der Realitéit esou ass oder net, féiert zu oniwwekluechtem Behuelen. Dat Gefill liwwert de Nährbuedem fir simplistesche Iddien, Populismus oder Extremismus vun allen Zorten.

Ech fir mäin Deel si ganz frou feststellen, datt eist Zesummeliewen hei zu Lëtzebuerg, op dat mir wierklech houfreg kënnen sinn, eis bis elo esou Differenzen erspuert huet.

Eis Natioun ass ganz ënnerschiddlech, ouni awer gespléckt ze sinn. Loosst eis Alles drusetzen, datt et och an Zukunft esou bleift.

Kee soll d'Gefill kréien, op laang Weil eleng do ze stoen.

Jidderee soll säin Deel kréie vun de Friichte vum Wuesstem.

Jidderee soll seng Plaz an eiser Gesellschaft fannen a sech nützelech spieren.

Ech géif mir wënschen, datt mir all, Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger, Residenten oder Frontalieren, d'Gefill hunn oder kréien, eng kollektiv Aventure ze erliewen, an net nëmmen Einzelschicksaler ze gesinn.

Dëst si keng fromm Wënsch, mee eng Necessitéit, déi sech reegelrecht opdrängt. Well Harmonie a Gerechtegkeet an enger Gesellschaft sinn op mannst esou wichteg wéi de materielle Wuelstand. Si erlaben eis, mat Vertrauen an d'Zukunft ze kucken.

Eis Natioun huet sech hiren Erausforderungen ëmmer gestallt, ouni grousst Gedäisch awer mat Determinatioun. Et war och déi Astellung, op déi mäi Papp säi Liewen opgebaut hat.

Vive eis Eenegkeet an Europa! Vive Lëtzebuerg!